

# Reglement Kabaräsconcours

## Artikel 1

D'Asbl „Op Schéimerech“ vu Kehlen organiséiert e Schreifconcours fir Kabarästexter, déi am Juli 2014 „Op Schéimerech“ opgefouert ginn.

## Artikel 2

D'Texter müssen op lëtzebuergesch geschriwwe sinn. Se riichte sech un en Theaterpublikum, deen zanter dem Joer 2000 de Fräilichtheater „Op Schéimerech“ kucke kënnt.

## Artikel 3

Et sinn 3 Virstellunge virgesinn, de 24. 25. a 26. Juli 2014, wou déi ausgesichten Texter vun de Memberen aus der Asbl op Schéimerech gespillt ginn. Et si Kanner, Jugendlecher an Erwuessener, déi d'Texter spillen. Den Auteur kann also fir déi 3 Altersgruppen eenzel schreiwen, oder awer Kanner, Jugendlecher an Erwuessener zesumme spille loossen.

## Artikel 4

D'Texter a Lidder mussen kabarettistesche geschriwwe sinn, als Prosa oder Lyrik, et si keng Theaterstécker zougelooss. Et geet vum Monolog bis no uewen op. Déi Texter kënnen geschwat oder gesonge ginn. Wa bei de Liddtexter Nouten derbäi sinn, kënnen déi mat eragerecht ginn. Am anere Fall gëtt e Museker vun der Asbl „Op Schéimerech“ ugestallt, fir déi Liddtexter a Musek ëmzesetzen. Den Auteur erkläert sech da mat der Melodie averstanen. Bei engem Gedicht muss den Auteur vermierken, ob deen Text als Lidd oder als Gedicht soll virgedroe ginn. All Texter müssen daktylographéiert oder gedréckt sinn, net op der Hand geschriwwen. All Text muss a 5 Exemplairen ageschéckt ginn.

## Artikel 5

All Auteur duerf méi Texter eraschécken. D'Texter a Lidder duerfe keen Numm vum Auteur droen, se duerfen och net duerch iergendeen Zeechen ze erkenne sinn. All Text a Lidd muss e Pseudonyme droen, deen uewen op all Säit steet. Wann een Auteur méi Texter eragëtt, muss all Text en anere Pseudonyme droen.

## Artikel 6

D'Texter duerfen nach néierens gespillt gi sinn, och net an Extraiten. Et si keng Iwwersetzung vum auslänneschen Texter, keng Sketcher aus dem Internet, a keng Adaptatiounen vum alen Texter erlaabt.

## **Artikel 7**

Eng Jury vu 5 Leit sicht déi Texter eraus, déi duerno gespillt ginn. D'Aarbecht vun der Jury ass geheim, an Decisioune vun der Jury kënnen net a Fro gestallt ginn.

## **Artikel 8**

Et duerf kee Member aus der Jury um Concours matmaachen.

## **Artikel 9**

An enger zougepechtener Enveloppe, wou baussen drop de Pseudonyme steet, leie bannedran:

De Numm a Virnumm vum Auteur

D'Postadress an d'Mailadress

D' Telefonsnummer

D'Kontosnummer vun der Bank fir de Präis z'iwwerweisen

## **Artikel 10**

D'Texter ginn net zrëckgeschéckt. Bei deenen Texter déi net selektionéiert ginn, gëtt déi zougepechten Envelope net opgemeet. Déi net selektionéiert Texter gi mat der Envelope zerstéiert.

## **Artikel 11**

Fir dee beschten Text dee vun der Jury bestëmmt ginn ass, kritt den Auteur en eemolege Präis vun 1.000.-€

Fir all déi Texter, déi gespillt ginn, verdeelt de Publikum all owes no der Virstellung (also 3 Mol) e Publikumspräis vun 100.-€

De Präis vun der Jury an déi 3 Publikumspräisser ginn de leschten Owend no der Virstellung verdeelt. Dann eréischt ginn d'Enveloppen opgemeet, an d'Nimm vun den ausgezeechten Auteurs gi genannt.

All déi aner Texter, déi gespillt gi sinn, déi awer kee Juryspräis a kee Publikumspräis kritt hunn, ginn dann och dévoiléiert, an den Auteur kritt eng eemoleg Gage vu 25.- € pro gespillten Text.

## **Artikel 12**

D'Texter ginn un dës Adress geschéckt:

Kabaräsconcours

Op Schéimerech Asbl

BP. 46

L-8201 Mamer

virum Samschdeg, 1. Februar 2014.

## **Artikel 13**

Jiddereen dee bei dësem Concours matmécht, erkläert sech mat allen Artikelen averstanen.

Fir weider Informatiounen rufft un um Telefon 23 63 90 58 (Jemp Schuster) oder per E-mail un [info@opscheimerech.lu](mailto:info@opscheimerech.lu).